Här Jean-Pierre ECKER
Gemengeconseiller

16, Chemin de Brouck

L-4808 RODANGE

Referenz :2024.60563.SECR Péiteng, den 12. Abrëll 2024

**Betreff: Är Froe vum 12. Mäerz 2024**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Alexandra Leick-Tel. : 50 12 51 – 3030)

Här Jean-Pierre Ecker,

An ärem Bréif vum 12. Mäerz 2024, deen der Gemengeverwaltung de 12. Mäerz 2024 zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*D'Awunner vu Péiteng, déi onmëttelbar beim Pavillon K op der Gemengeplaz wunnen, bekloen sech, datt d'Nuetsrou vun dësem Kiosk net agehalen gëtt. Mir kruten zougedroen, dass de Café nach nuets no 23 Auer Lautspriecher op der Terrass lafe léisst, zum Onwuel vun den Awunner op der Plaz.*

*Et handelt sech hei ëm ee Café, deen d'Gemeng Péiteng, als Proprietaire vum Terrain a vum Gebai, u MUNHOWEN zu engem bëllege Loyer verlouhnt an deen ënnerverlount gëtt.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

*1. Wéi ass et ze erklären, dat de Pavillon K reegelméisseg nach no 1 Auer an der Nuecht op huet?*
*2. Gëtt et eng Méiglechkeet, fir owes d'Lautspriecher vun der Museksanlag auszemaachen?*
*3. Ass et richteg, datt de Locataire vu Pavillon vum 1ten November bis den 31te Mäerz kee Loyer bezillt?*

*Mat Respekt,*

*Jean-Pierre Ecker*
*Gemengeconseiller*

pétange
MOTIVATION COMMUNE

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

Här Ecker,

1. De Locataire kritt keng fräi Nuechte fir d'Exploitatioun vum Pavillon an dëst konform zum Contrat de bail.
2. Jo, déi Méiglechkeet ass ginn a mir wäerten dem Locataire e Bréif schreiwe fir ze rappeléieren datt eist Police Reglement virschreift, datt tëschent 22.00 an 8.00 Auer keng Lautsprecher baussen dierfen u sinn, ausser et huet een eng extra Geneemegung (Artikel 19).
3. Jo, dëst ass eng vun de Konditioune vum Basiskontrakt fir d'Attraktivitéit vum Pavillon am Wanter, vum 1. November bis den 31. Mäerz, ze verstäerke well d'Geschäftsfläch (Terrasse) duerch d'Wiederkonditioune staark ageschränkt ass am Verglach zur Summerzäit. Dës Konditioune goufen an der Sëtzung vum 11. Juli 2022 vum Gemengerot approuvéiert.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 23 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118